Rapport Commission Jeunes 11.11.2024

Présents: Romain Engels, Suzie Godart, Guy Kruchten, Serge Raach, Marco Schmit, Steve Urban, Dan Wiseler
Excusés: Claude Magar, Marco Schmitz, Lex Schroeder
Assiste: Richard Spautz (représentant CA)

A. Approbation des derniers rapports

D´Rapporten vum 14.10 an 4.11 gin ugehuel a können online goen.

A. Rapport de Course et débrief „Insigne technique“ du 10.11

De Richard mecht e kuerze Rapport vun der Epreuve, wou 64 Kanner deelgehuel hun. Et as alles onkomplizéiert iwer d'Bühn gaang an et goufen am Allgemenge just positiv Echoen.
E grousse Merci geet un den Här Hilgert vum Kichechef, deen eis hire Parking indoor zur Verfügung gestallt huet an hoffentlech och an Zukunft zur Verfügung stelle wäert. (De Florian Salzinger soll vun offizieller Säit e klenge Bréif schécke fir Merci ze soen.)
An Zukunft mussen d'Leschten fir d'Aschreiwung an déi vun de Statioune méi iwersiichtlech opgestallt gin an och d'Nummere vun de Kaderplakken musse fir d´ganz Saison identesch bleiwen, och wann eng Plaque verluer geet, och daat helleft Duercherneen ze vermeiden.
Fir d'Visibilitéit um Site ze verbesseren schléit de Romain Engels vir, Beachflags a Schëlter ze bestellen, déi da bei eisem Material géife gelagert gin. (Wou daat as, muss nach mat der FSCL geklärt gin.)
Et waren zwar Noutfallkofferen um Site an och Leit déi en Éischt-Hellef-Cours gemat hun, ma u sech misst een Infirmier op der Plaz sin, och daat sollte mir an Zukunft berücksichtegen.
Den Här Hilgert wäer gäre bereet, de Parking och eng weider Kéier zur Verfügung ze stellen, zum Beispill fir Technikofzeeche fir d'Kategorie Minimes-Cadets. Et wier sënnvoll, dat och hei nach emol wichteg Technik geübt get.
Den Trophée Jeunes kennt an Zukunft Trophée Kichechef heeschen, wann den Här Hilgert eis weider wellt ënnerstëtzen, sou wéi hien daat duerchklénge gelooss huet.

A. Rapport entrevue FSCL Helmig-Salzinger concept „minimes-cadets“

De Romain Engels an d´Suzie Godart waren Donneschdes de7ten November op der Federatioun, wou de Christian Helmig an de Florian Salzinger hiert Konzept fir d´Zukunft virgestallt hun. Ee vun den Haaptpilieren soll dobäi och sin, datd´Kategorie Minimes a Cadets genee wéi d´Jeunes ënnert engem vereinfachte Reglement  fuere kënnen, wat de Spillraum vun den Organisatioune vergréissert a vermeide soll, dat d´Fuerer, déi méi Mountainbike-affin sin, nët verluergin.
Daat ganzt as ze komplex fir a kuerze Wieder weiderzegin, duefir gouf an eiser Réunioun beschloss déi zwee emol an eis Réunioun ze invitéieren, fir dat jidfereen dës wichteg Infoe matkrit. Dee Moment kënne sie eis och nach emol hir Erwaardungen un eis Kommissioun duerléen a mir kënnen zesummen eisen Aktiounsplang opstellen.
Och bei der Versammlung mat de Veräiner (am bäschten am Januar, daat sollt esou séier wéi méiglech festgehal gin), sollten de Christian an/oder de Florian hire Konzept nach emol kuerz präsentéieren.

A. Essayage vêtements

De Guy Kruchten haat d´Kleeder matbruecht,déi eise Präsident vun der Federatioun krit haat. Leider ware bei den T-shirten a Poloen just ganz kleng Moossen do, sou dat déi Meescht nët umoosse konnten. De Guy huet d'Lëscht matgehuel an de Lex Schroeder gët daat da weider. (Wien nët do war, soll dem Lex seng Kleedergréisst matdeelen oder kucken fir bei Geléenheet unzemoossen.)

A. Divers

Folgend Saache goufen nach kuerz ugeschwaat:

- Regelännerung betreffend déi maximal Zuel vun Auslandstarten op der AGO nees réckgängeg maachen (ganz vermeiden kënne mir Abus'en sécher nët, d'Eltere maachen am Endeffekt trotzdem waat se wëllen… an och eng Licence unique as nët d´Léisung.)

- Fir d´Präisiwwerreechung am Januar as de Weekend vum 18te provisorësch festgehal, den Hār Hilgert gët eis esou séier wéi méiglech Bescheed.

- Mat der Jury musse mir schwetzen, ma prinzipiell as bei de Jeunes den Delegéierten ausschlaggebend a bei deenen anere Coursen de Juge à l'arrivée. Wann d'Regelännerung fir Minimes/cadets geschriwe gët, muss esou wéi sou mat hinne geschwat gin.

- Zum Schluss vun der Versammlung deelt de Steve Urban eis mat, dat hie leider séng Demissioun am Comité Jeunes muss gin, wëll hien an Zukunft méi Verantwortung a séngem Veräin wäert iwerhuelen. D'Membere vun der Kommissioun bedaueren daat a soen dem Steve Merci fir säi positiven Input a séng gud Arbecht.

Prochaine réunion: lundi 9.12.2024 au stade Boy Konen
(Ordre du jour provisoire: plaques cadres et dossards 2025, chronométrage, sponsorat, préparation remise des prix, réunion avec les clubs)